
# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




H 1 VNEF

No 6/1996

novembre/décembre

36e année

## Monument aux Morts Hoscheid

Fédération: FNEF
3A, rue de la Déportation
Luxembourg

# Éier hirem Undenken!

*„Am Totenkult läßt sich das Maß ablesen, in dem die Lebenden in Ordnung sind".*

Esou seet äis et den Dichter Ernst Jürgen. A wéi Recht en huet!

Mir Enrôlés de Force gehéiren zu där Katégorie Leit, deenen d'Erënnerung un hir doudeg Komerodinnen a Komeroden héich an helleg as, déi mat deenen nach Iwreggebliwenen dat gréisste Leed an dee gréiste Misär duerchzestoen haten, déi engem Mënsch zoustousse kënnen.

Onerhéiert grujhlech war ënner alle Schicksaler vun den Zwangsrekrutéiert dat vun deenen 91 Jongen, déi an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945, an enger Zäit, wou d'Lëtzebuerger Land schon zënter fënnef Méint dem nazisteschem Okkupant lass war, an zu Slonsk (deem fréiere Sonnenburg) vun der preisescher SS ermuerd goufen.

Mir gedenken hirer an aller Öffentlechkeet um 52 Joersdag von hirem Doud an enger Veillée um Kanounenhiwwel an der Stad en

**Donneschdeg, den 30. Januar 1997 um 18.30 Auer.**

Heimat geet en Appell un all Enrôlés de Force an un d'Familje vun deenen 91 Naziaffer, deen Dag um 18.30 Auer présent ze sin um Rendez-vous, an do un der Gedenkzeremonie deelzehuelen.

D'Associatiounen an d'Sectiounen solle w.i.g. hir Fändele matbréngen.

De Comité vun der Fédératioun

## D'Sektioun Diddeléng am Trauer

| | |
|---|---|
| Roger Kolb | 30.12.1995 |
| Camille Collé | 04.02.1996 |
| Guillaume Dahm | 08.03.1996 |
| J.-Pierre Siedler | 05.03.1996 |
| Emile Berchem | 12.06.1996 |
| Nicolas Schmit | 01.07.1996 |
| Nicolas Lentz | 07.09.1996 |
| Mme Yvonne Wendel-Dostert | 17.11.1996 |
| Lucien Schmit | 25.11.1996 |

**Zwangsrekrutéiert vun Diddeléng denken ëmmer un lech**


## D'Amicale vun den Enrôlés de Force Victimes du Nazisme vu Jonglënster an Emgéigend trauert ëm hir Komeroden verstuerwe am Joer 1996

| | |
|---|---|
| Uselding Joseph | 27. Januar 1996 |
| Comes Joseph | 04. Määrz 1996 |
| Jungers Louis | 31. Juli 1996 |
| Wampach Edouard | 14. Nov. 1996 |

**Hir Komerodinnen a Komeroden behale si a gudder Erënnerung**








Inhalt:


Nationalkongress (Schluss)
D'Chorale vun den EdF
Letzter Aufruf!
Avis un all Interesséiert
Mémorial de la Déportation
Aus eiser Agenda
Een Tour an d'Éisléck mat den Zwangsrekrutéierten
Peenemünde
Voeux de Nouvel an


# Nationalkongress

### (Schluss vum Rapport)

**Jos. Weirich**

Mir soen dem Benny Jacob villmols merci fir säi laange Rapport iwwer d'Recherchen, déi am Ex-KGB sengem Archiv zu Moskau gemaach goufen. Elo wësst dir alleguerte wat fir eng monstruéis Arbechte gemaach goufen fir eppes, wou nët alles a läschter Konsequenz erausgesprongen as esou wéi mir äis dat viirgestallt haten. Eent hu der mat Sécherheet nom Benny sengem Referat festgestallt, an dat as, datt mer äis de Reproche nët brauche gefalen ze losssen, mir hätten äis nët ëm déi Komerode gekëmmert, déi bis haut nach ëmmer als vermësst gëllen. Weider as bewise gin, dass iwwerdriwe Publizitéit wéinst dem Opmaache vum Moskauer KGB-Archiv näischt bréngt. Wann een, deen deemols je eng Kéier mat de Russe Kontakt kritt hat, säin Dossier wëllt zougestallt kréien, da kann en dat maachen. Mä mir sin nach nët esou wäit, well mer nach nët wëssen, wéi mer déi Ennerlagen vu Moskau op Lëtzebuerg kréie kënnen. Et as duerchaus méiglech, datt vill Zäit vergeet, éier ee Satisfaktioun kritt. Wa mir déi Dossiers-en iwwer den diplomatesche Wee no Lëtzebuerg kréie kënnten, wir äis vill gehollef. Mir am Zentralcomité an am Fédératiounscomité hun an deene läschte Joeren eng Onmass vun eiser Zäit jhust mat där doer Problematik verwandt.

Ech kommen zum Schluss, et as zimlech waarm heibannen. Ech versiche mech esou kuerz wéi nëmmen denkbar méiglech ze faassen a behandelen nach jhust zwee Ponkten. Deen een as Geschicht vun de Flegebetter an de Flegeheimer. Dir alleguert kennt d'Problematik. Mir waren an esou ville Generalversammlungen. Mir hun iech do erklärt, ëm wat et geet. An där läschter Zäit as an der Chamber e Gesetzesprojekt gestëmmt gin iwwer e Flegeheem zu Schëffléng. Duerno hu der op der Televisioun den Här Regenwetter gesin a héiren


**Fédération des Victimes du Naztisme, Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif – Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, Boîte postale: **2415 L-1024 Luxembourg. C.C.P. 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4546**

Rédaction du bulletin bi-mestriel «Les Sacrifiés», 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.

**Service social aux Enrôlés de Force:** 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxbg. Tél.: 48 32 32.

**L'Association des Parents des déportés Militaires Luxembourgeois,** Secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L -1415 Luxembourg, Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg. **L'Amicale des Anciens de Tambow,** Secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 – **l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, Boîte postale2115, L-1024 Luxembourg, ccp 31 324-90. – **Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.,** Siège : 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L- 5355 Oetrange, Tél.: 350 014.

Layout: Informatique S. à r. l. L-5630 Mondorf les Bains Tél.:67 72 14 – Impression: Imprimerie Centrale S.A. Luxembourg

an dir hut festgestallt, dass Leit sech Suerge gemaach hun. Dat wat do gesot gin as, stëmmt nët honnerprozenteg. Wat jidderee vun äis ze verhalen huet, dat as, dass déi Konventioun tëschend der Regirung an eiser Fédératioun nach ëmmer Gëltegkeet huet. An dëser Konventioun as festgehalen, dass mir esouwuel beim Familjeminister (Centres intégrés) an da weider beim Gesondheetsminister (maisons de soins) äis Leit, dat heescht eemol d'Enrôlés de Force, dann déi Leit, déi äis am Krich geholleft hun, prioritär ënnerdag brénge kënnen.

Wat muss en duerfir maachen? - Et muss ee fir unzefänken e Certificat vu sengem Dokter hun, dee bescheinegt, dass déi betreffend Flegepersoun muss an engem Geriatrieheim ënnerbruecht gin, well e weder doheem nach am Spidol bleiwe kann. An dëse Certificat muss rezent ausgestallt sin. Et geet nët, dass e kënnt mat engem Cerificat, deen dräi Joer al as. Weider muss een eng Bescheinigung viirléen vun der Geméng an där festgestallt gët, dass et sech bei där ze placéierender Persoun ëm en Enrôlé de Force handelt. Mat deenen zwee Dokumenter geet een donneschtes nomëttes bei d'Madame Reef an de Büro zu Hollerech op der Gare. Si kuckt dann alles no, leet en Dossier un an den Antragsteller seet hir a wat fir en Heim déi krank Persoun gäre placéiert wier. Bei där selwechter Geléenheet gin d'Leit opgeklärt, wéi se sech ze behuelen hun. Och kréie si gesot, wat alles mat engem Placement an engem Flegeheim zesummenhänkt. Mir suivéieren den Dossier vun där kranker Persoun. Mir gin deen nët einfach ewech. Et sin der v'läicht ënner äis, déi si méi gescheit a mengen, si géifen e Minister kennen a gin hiren Dossier am Ministère of. Wien dee Wee aschléit, leeft Gefor, dass säin Dossier um Koup leie bleiwt. Am ëmgekéierte Fall, wann d'Leit bei äis kommen, da kucke mir, datt de Flege-bedierftegen an engem Heim ënnerkënnt.

Bis elo hu mer 87 Dossiers'e verschafft. Dovun sin 28 Persounen placéiert gin. De Gros dervun sin Enrôlés de Force. Siewe ware nët zwangsrekrutéiert, mä et ware Leit, déi äis am Krich geholleft hun oder aktiv an der Resistenz waren. Véier Dossiers sin nach en suspend a sechs Leit sin an der Zwëschenzäit verstuerwen. Mir hu mat där Aktioun e relativ grousse Succès a si frou, dass eise Komerodinnen a Komerode geholleft konnt gin. Mir hun eng Kommissioun, déi ganz aktiv as an déi d'Saach suivéiert. Dat si virun allem de Gast Junck, de Jules Steffen, de Nic. Champagne an d'Madame Reeff.

Eppes, wat e bësselchen traureg mecht, as dat elei: Et sin en etlech Leit, déi placéiert goufen, an esou bal dat passéiert war, dann hu mir glat näischt méi vun hinnen héieren. Et brauch keen äis merci ze soen. Mä mir wieren dach awer frou, wa mer au moins gewuer géife gin, wéi et mat deem Eenzelne viirugong, wéi a wat mat him passéiert as.

Eis Relatioune mat dem Här Albert Hansen vum Ministère si ganz gutt. Eng Suerg hu mer dach awer, an dat as, datt mer enges Dags gesot kréien: Dir hut elo zevill Leit placéiert. Wien de Châmberbericht gelies huet, dee wees, datt esou Flegebett 7,9 Millioune kascht fir et anzeriichten. Dodran alles abegraff, esougutt de Bau ewéi d'Flegepersonal an déi onëmgänglech hygienesch a souswéi medezinesch Agregater. Wann een déi 500 Mio, déi mer hun, duerch 7,9 dividéiert, da kënnt een op circa 65 Better. Also, reng Rechneresch stéingen äis 65 Better zur Verfügung . Wéi der elo grad héiren hut, si mer nach wäi vun där Zuel ewech. Duerfir loosse mer nët elo scho Kreesch doen, a warde mer of, wéi sech déi Situatioun weiderentwéckelt Ech wëll iech iwwerzeegen, datt der dem Fédératiounscomité ärt vollt Vertraue schenke kënnt.

Eng aner vun eisen Entreprisen, dat as de Mémorial de la Déportation zu Hollerech an der aler Prënze-Gare. Déi éischt Phase vun den Ariichtungen as ofgeschloss. Ech wëll hei nach eemol drop hieweisen, dass deen nët nëmme fir äis geduecht as, mä méi besonnesch fir déi kommend Generatiounen, fir datt déi eng Notioun kënne kréien, wat Déportatioun vu Lëtzebuerger Bierger duerch d'Preisen am Zweete Weltkrich a Réalitéit war. Deen éischten Deel as färdeg an et kann een derduerchgoen. Wann een dann nach zousätzlech Informatioune wëllt hun, da kann ee sech déi an esougenannte bornes informatiques erauszéihen.

Déi zweet Phase, un där mir am Ament schaffen, gët eng zweet borne informatique, wouran all Détailler vun sämtlechen Arte vun Déportatioun, wéi d'Preise se hei am Land praktizéiert haten, mat all den onséilege Folgen dran enthale sin. Si as haptsächlech geduecht, fir datt d'Historiker hir Recherche maache kënnen, fir Léierpersonal an esou weider. Dës Phase ze réaliséieren as alles anescht ewéi einfach. Fir dës Saach op e gutt Enn bréngen ze kënnen, wiere mir frou, wa mer vu ville Säiten Hëllef kréigen. Mir brauchen Informatiounen iwwer eis Refraktären, wéi se iwwer d'Grenze koumen, wien hinne geholleft huet, iwwer hiren Openthalt am Ausland, wat do passéiert as. Da brauche weider Informatiounen iwwert all déi sëlleg Jongen, déi a Russland, kuerzëm am Oste waren. Et as dat eng gewalteg Arbecht déi mer do ze erleedegen hun. Mir si frou op d'Mathëllef vu Komeroden zeréckgräifen ze därfen, déi nët am ieweschte Gremium vun eiser Organisatioun sin. Ech denken do, beispillsweis, un de Roger Gallion, deen eng enorm Arbecht bei der Bewältegong vun esou engem Pensum leescht. Mir hun äis iwwerluecht, wann een déi Informatioune kritt, déi Dokumenter liest, dann as den Aussestehenden nach wäit dervun ewech ze verstoen, wat dat alles bedeit, wéi alles an der Réalitéit war a wat eigentlech geschouch. Mir versiche Filmer dréien ze loossen, déi den informative Charakter vun deem Ganzen ergänzen, — eppes, wat onbedéingt erfuerdert as. Wéi mer dat réaliséieren, musse mer eréischt gesin. Am Ament verhandele mer mat enger polnescher Firma. An do mecht den André Hohengarten eng enorm Arbecht. Wa mer dat färdeg bréngen, esou wéi et äis viirschwiewt, da maache mer am zweete Raum an der Hollerech Gare, deen zur Verfügung steet, de Centre national d'information. An dat as eng ganz wichteg Saach. W.i.g., verspärt iech nët an hëlleft mat ärer läschter Kraft, dëse grousse Projet ze réaliséieren. Et wärt wuel dee läschte groussen Hoff sin, dee mir maachen. Wann äis dat geléngt, dann hu mer dat grujlecht Schicksal, dat mat der Zwangsrekrutéierung iwwer äis an eist Land erangebrach war, dem Vergiessen entrass.

Oni finanziellen Opwand as dëse Projet nët ze réaliséieren. Fir mat dem finanziellen Deel zu Rand ze kommen, hu mer eng national Submissioun lancéiert. Et gouf och nach en Zikulär vum Fédératiounscomité un iech verdeelt, an dem der opgefuerdert gitt, an äre Sectioune nach eemol e finanziellen Effort ze maachen. Ech därf iech rouheg hei soen: Mir brauche jhust elo nach en etlech Millioune Frang. Esou, wéi mer et erliewt hun bei der Installatioun vun där monumentaler Éierepoart um Kiirfecht zu Slonsk, hoffe mer och dës Affär zu eiser aller Zefriddenheet ofschléissen ze kënnen. E spezielle Merci geet an dësem Zesummenhank un eise Komerod Nic. Champagne, deen all déi Spende kanaliséiert.

Nach ee Wuert zu deene Froebéi, déi mer elo grad un iech verdeelt hun. Et as äis méi ewéi eng Kéier reprochéiert gin, mir géinge wéineg iwwer de Meedercher (haut Fraen), hir Schicksaler aus dem läschte Weltkrich schwätzen oder informéieren. Ob zu eiser Schan oder nët, mir mussen agestoen, dass mir ganz wéineg doriwwer wëssen, wéi zum Beispill: Wou waren se an de Lageren am RAD, — wou waren se am KHD a wat hun se do musse maachen, —sin der krank gin, — sin der gestuerwen? Alles onbeäntwert Froen. Mir wëssen kaum eppes wéi d'Preise si behandelt hun, wat se hu missen u Schlëmmem erliewen. Fir alles iwwer eis Meedercher gewuer ze gin, hu mer dee Froebou verdeele gelooss. Eis Sectioune sollen, an hirem Beräich, dës Froebéi u Frae weidergin, déi nëmme si kennen. Och Informatioune sichen ze kréen iwwert e Meedche wat dout as, je bei all Meedchen, dat am Zweete Weltkrich an de Nazien hir Maschinerie gerode war. Wann dat nët geschitt, wa mir keng stechhalteg Informatioune zesumme bréngen, da sin all déi Meedercher, déi de Preisen zum Affer gefall sin, fir ëmmer vergiess.

Ech hu versicht mech esou kuerz wéi méiglech ze halen. Mir gin elo zum nächste Punkt op der Dagesuerdnung, wou et do heescht: Fräi Aussprooch.

Et gouf dann du nogefrot, wéi et mat deene Nummere wier, déi déi eenzel RAD-Lager haten, wou Lëtzebuerger Jonge dra waren. Fir déi zweet Borne informatique anzeriichte, gin d'Nummere an och d'Nimm vun all deene Lagere gebraucht.

Mir haten circa 50 Lëtzebuerger Jongen, déi an de Vereenegte State vun Amerika a Krichsgefaangenelager waren. Déi Jonge sollen, wéi et schéngt am Dezember 1945 aus Amerika z'réck no Lëtzebuerg komm sin. Wéi e Wonner, do war jo een am Sall, deen an dem Grupp vu Lëtzeberger war, an zwar de Pitt Halsdorf, President vun der Walfer Sectioun.

Zum Ofschloss huet de Jos. Weirich eng ganz Rëtsch Mercien ausgesprach an der Hoffnung Ausdrock gin, dass mir äis all am nächste Joer zu Steesel erëmgesin fir de Kongress vu 1997.

Uschiéissend gouf eng Rei vu verdéngschtvolle Komerodinnen a Komerode mat de Rubans en or, respektiv mat de Rubans en argent ausgezeechent.

### Ruban en or

| *Ruban en or* | *Section* |
|---|---|
| 1. Gruber Emile | Ettelbruck |
| 2. Neuens Jean Pierre | Junglinster |
| 3. Clemens Charles | Luxembourg |
| 4. Schon François | Kayl/Tétange |
| 5. Reicher Marcel | Sanem/Belvaux |
| 6. Metz Josy | Schifflange |
| 7. Colling Marcelle Mme | Sud Ouest |
| 8. Jungbluth Berty Mme | Walferdange |

### Ruban en argent

| | |
|---|---|
| 1. Arnoldy Emile | Mondercange |
| 2. Boden Théo | Mondercange |
| 3. Defay Albert | Sanem/Belvaux |
| 4. Schon Josy | Schifflange |
| 5. Gaasch Jean | Sud Ouest |
| 6. Ginter Albert | Sud Ouest |
| 7. Metzler Joseph | Sud Ouest |
| 8. Mandy Joseph | Sud Ouest |
| 9. Muller Jacques | Kayl/Tétange |
| 10. Klingenberg-Gillen Alice Mme | Hesperange |
| 11. Behm Michel | Hesperange |

Éier déi sëllegen Delegéiert heemgefuer sin, huet d'Gemengeverwaltung en Éirewäin offeréiert gehat. Bei där Geléenheet huet de Komerod a Buergermeeschter Robert Goniva de Versammelten säin idyllescht Käerech viirgestallt a mat allerlee Renseignementer opgewoart. Hien huet sech bedankt, dass d'Associatioun vun den Enrôlés de Force Käerech erausgesicht hat, fir hire Nationalkongress do ofzehalen an en huet hir weiderhi vill Erfolleg gewënscht.

s.n.



# D'Chorale vun den Enrôlés de Force

Villäicht as et nët onnëtz ze rappeléiren, datt si zënter dem 30. Juli 1985 besteet. Wéi mer äis deemols zesumme gedoen hun, ware mer zu 40 Männer, déi sech zesummefond haten , fir zu Jonglënster ze prouwen an d'Mass an der Häerz-Jesu-Kiirch zu Lëtzebuerg/Gare ze sangen an dat op der journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force, déi deemols den 8. September war.

Nët wéineg erstaunt waren all déi Leit, déi deemols derbäi waren a fir d'éischte Kéier e renge Männerkouer eng Mass huet héiere sangen. Deemols wéi haut stong d'Chorale ënner der Leedong vum Komerod Pol Nilles.

Zënterhier a bis haut as d'Zuel vun de Sänger op 66 geklommen. Wie matmaache wëllt därf dat maachen a soll sech mellen.

Iwwer dëse Komeroden hir Leeschtong jügéiere nët si, mä all déi Leit, déi hinne bis elo nogelauschtert hun. Hir Leeschtunge sin ëmsou besser anzeschätzen, wann een drop hiweist, dass déi Sänger aus alle Wandrichtungen am Land sech zesummefannen, fir ënner der Regie vun der Jonglënster Sectioun an engem Prouwsall zu Jonglënster, bei bis zu aacht Prouwen allkéiers derbäi sin an dann op eiser nationaler Journée an der Stad d'Gedenkmass sangen fir all Komeroden, déi am Zweete Weltkrich hiert Liewen hu misse loossen, an dann awer och fir all déi Komerodinnen a Komeroden, déi nodeem se dee schlëmme Calvaire vun der Zwangsrekrutéierung iwwerstanen haten, heiheem, meeschtens fréizäiteg gestuerwe sin un de Folge vun deem Erliddenen.

An de Kreeser vun de Sänger besteet, egal wou, en ausgeprägtend Zesummegehéiregkeetsgefill an eng frou Mentatiltéit. Ma an dem Sängergrupp vun den Enrôlés-Sänger sin déi zwou gutt mënschlech Dugende ganz besonnesch prononcéiert. Et as och duerfir nët méi wéi recht a gutt, wann eis Enrôlés-Sänger no der Journée sech zesummefannen zu engem gemittlechen a freedegen Treffen. Well an eisem Bülletin nach ni doriwwer riedsgong, profitéiere mer vun der Geléenheet, fir iwwert dat lescht Treffen ze schreiwen. Eis Sängerkomerode brauche sech beileiwe jo nët ze verstoppen. Déi leschte Kéier, wou si sech wéi hei viirdrun ungin getraff hun, war de 9. Oktober 1996, an zwar an eisem schéinen Éislèck zu Houschend. Géint Mëtteg hate sech hirer 29 mat 24 vun hire Frae do afond. An d 'Stëmmung war formidabel. Zum Optakt vum Treffen gounge si bei de Monument aux Morts vun Houschend. (Kuckt d'Titelbild!) Kuerz viiru Mëtteg huet de Kouer do Opstellung geholl an dat ergräifend Lidd **„Un eis Jongen"** vum René Schmit gesongen. Uschléissend hun d'Komerode Jhäng Hames, Jim Bolmer, Emile Gruber a Pol Nilles eng wonnerschéi Gerbe (gestëfft vun der Gemeng Houschend) virum Monument niddergeluecht. Iwwerdeem huet de Raymond Jacob, (engem Sängerkomerod vun Duerscht säi Jong) d'Sonnerie aux Morts gespillt. Zum Ofschloss huet de Kouer zwou Strophe vun der Heemecht gesongen.

Um Apéritif, deen am Hôtel des Ardennes, propr. Jan Heus-Nout, servéiert gouf waren och derbäi den zweete Schäffen Léon Faber, d'Madame Gaby Conjaerts-Thomas, Gemengesekrétärin an de Buergermeeschter Fernand Schmit, deen eis Sänger häerzlech wëllkomm geheesch huet zu Houschend an en huet hinnen seng Gemeng viirgestallt.

Duerno gouf e Menu servéiert, deen dem Haus all Éier gemach a Fraen a Männer absolut zefridde gestallt huet. Iwwer Dësch gouwen Erliewnësser an Erënnerungen vu fréier, schéiner, manner schéiner a grujhlecher ausgetosch a vill aneres besprach. Jo et war eng Ambiance du tonnerre. All si se am spéide Nomëtteg no heem gefuer, ma nët oni sech viirdru versprach gehat ze hun, déi selwecht Expérienz dat nächst Joer, wa Gott wëllt, ze widderhuelen.

H R

## Letzter Aufruf!

Es sind noch 6 Soldbücher von Luxemburger Zwangsrekrutierten abzugeben, dieselben wurden ausgestellt am 16. November I944 in Naumburg an der Saale. Alle sind Entlassene aus dem R.A.D. vom Jahrgang 1926 gewesen.

**MERSCH Jos.** geb. 22- 8. I926 Luxemburg
damaliger Wohnort : Luxemburg -Kreuzgründchen 235

**WOLF Willi** geb.20 6. 1926. Bettemburg.
damaliger Wohnort : Luxemburg-Stadtgrund.

**GESCHWINDT Pier.** geb. 8. 2.1926. Fentingen
damaliger Wohnort Luxemburg -Limpertsberg Schefferallee 33.

**WEBER Erich** geb. 24.7.1926. Düdelingen.
damaliger Wohnort Düdelingen

**THILL Arthur** geb. 19. 5. 1926. Garnich.
damaliger Wohnort Garnich.

**FABER Joh,** geb. 3.II.1926. Differdingen.
damaliger Wohnort: Differdingen Oberkornerstrasse 32.

Diese Soldbücher sind unter andern der Amicale des Enrôles vum R.A.D. ROGASEN-WOLLSTEIN seitens einer luxemburgischen Regierungsdienstelle zugestellt worden mit der Bitte die Soldbücher an die Inhaber weiterzuleiten. Sie stammen aus einer Wehrmachtszentralstelle in Berlin.

Falls diese genannten Soldbücher von deren Inhabern oder deren Familienmitglieder nicht mehr abgeholt werden, verbleiben dieselben in den Archiven der Enrôlés de Force auf der Hollericher Gare

Bitte sich wenden an:

**Jacques Muller-Jopa Tetingen Tel.56 60 39**

## Avis un all Interesséiert

**De Comité vun der Fédération des victimes du Nazisme Enrôlées de Force deelt mat, datt am Siège, zu Hollerech op der Gare, eng gewëssen Zuel vu Bülletinën „Les Sacrifiés" an der Reserve leien.**

Leit, déi drun interesséiert sin, een oder deen anere Bülletin ze kréien, déi zënter 1960 a bis haut erauskoumen, kënne sech egal watfir e Numero bestellen.

Schreiwt wann iech geliwt un d'Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force, Boîte Postale 2415, L-1024 Luxembourg.

Wann se am Archiv erausgesicht sin, deelt iech de Komerod Eugène Müller mat, wéini dir är Bestellung am Büro zu Hollerech op der Gare eweghuele komme sollt.

## Mémorial de la DÉPORTATION

* * *

**Gare de Hollerich**
**Le musée est ouvert chaque jeudi après-midi de 14.30 à 17.30 hrs**

**Entrée libre**

**Hei as déi 4. Lëscht vu Leit a Gruppen, denen hiren Don derzou bäidréit, de Memorial vun der Deportatioun an der Hollericher Gare ze réaliséieren.**

**Bei dëser Souscriptioun geet et haaptsächlech drem, datt méiglechst vill Lëtzebuerger matmaachen an doduerch de Beweis brengen, datt mir alleguer och haut nach op déi Solidaritéit ziele kënnen, déi äis deemools am Krich esou vill gehollef an äis zesummegehalen huet.**

**Donen kennen op dëse Konten hei iwwerwise gin:**

**Memorial de la Deportation**
**Gare de Hollerich**
**L-1024 Luxembourg**
**CCP: N° 44900-86**

**Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat:**
**N° 7100/0026-3**

**Banque Générale du Luxembourg:**
**N° 31-728.344-32**

**Banque Internationale à Luxembourg:**
**N° 9-114/3450**

**De Memorial as op:**
**donneschdes vu 14.30 bis 17.30 Auer oder op Rendez-vous, Tel. 35 00 14**

Recette communale Garnich, L-8353 Garnich; Lucien Heyart-Doemer, L-1541 Luxembourg; Leonie Soisson-Toussaint, L-1228 Howald; Mme Yvonne Schaeffer, L-2537 Luxembourg; Joseph Hames, L-7731 Colmar-Berg; Commune Bettborn L-8601 Bettborn; Recette communale Lenningen, L-5414 Canach; Recette communale Pétange, L-4760 Pétange; Aug. Casagranda, enrôlé de force, Section Lintgen; Recette communale Lorentzweiler, L-7205 Lorentzweiler; Recette communale Rambrouch, L-8801 Rambrouch, Thierry Bonem-Weis, L-1321 Luxembourg, Eugénie Schmit-Jungers, L-2542 Luxembourg; Mme Krier-Reuter, L-8077 Bertrange M. et Mme Michel Altmeisch, L-8081 Bertrange; Mathias Nies, L-2446 Howald; Angèle Bosseler Daubenfeld, L-4085 Esch/Alzette; Enrôlés de Force, Useldange, François Pesch-Goerend, L-4994 Sprinkange; Administration communale Esch/Alzette, L-4002 Esch/Alzette; Recette communale Mersch, L-7520 Mersch; Recette communale Ettelbruck, L-9087 Ettelbruck, Commune Sanem-Belvaux, L-4401 Belvaux, Recette communale Dalheim, L-5686 Dalheim; Administration communale Bissen, L-7784 Bissen; Oscar Leonardy, L-1473 Luxembourg; Annette Kunsch-Schaeffer, L-1326 Luxembourg; Marcel Hary, L-7359 Lorentzweiler; Jos. Armand, L-2614 Luxembourg; Marcel Schauls, L-9083 Ettelbruck, Irma Ries, L-9123 Schieren; Marie-Paule et Gaston Schaber-Noesen, L-2320 Luxembourg; Vic. Weber, L-9570 Wiltz; René Fries, L-2343 Luxembourg; Denis May-Steinmetz, L-6760 Grevenmacher; Théo Michels-Hoffmann, L-9081 Ettelbruck Jean Els, L-7371 Helmdange; Margot Ries-Demuth, L-6212 Consdorf; Nicolas Ketter, L-2546 Luxembourg; Joseph Kirpach, L-3235 Bettembourg; Recette communale Ville de Luxembourg, L-1648 Luxembourg; Recette communale Diekirch, L-9233 Diekirch; Edouard Michels, L-8030 Strassen; Mme Alice Fonck-Schneider, L-6250 Scheidgen; Paul Turmes, L-9837 Neidhausen; Déportés de Schlauphof, Famille Alb. Hoffmann-Steichen, Bertrange; Phil. Gleis-Hengesch, L-9408 Vianden; Georges Minden, L-8095 Strassen, Lucien Koob-Berns Mersch; Georges Rockenbrod, L-1927 Luxembourg; Fernand Schaack, L-2717 Luxembourg; Victor Weisen, L-9140 Bourscheid; Jean Johanns, L-9780 Wincrange; Nicolas Millim, L-3443 Dudelange; Sylvain Gremling, L-1513 Luxembourg, Mme Ghislaine Gremling, L-4113 Esch/Alzette; Recette communale Wormeldange, L-5480 Wormeldange; François Wagener, L-8210 Mamer; Eugenie Merjay,. L-1258 Luxembourg; Commune Manternach, L-6850 Manternach; D. P. Wormer-Kanech/Muller R., L-5480 Wormeldange; René Muller, L-5480 Wormeldange; Fraen a Mammen, L-5480 Wormeldange; Entente Soc./René Muller, L-5480 Wormeldange; René Alff, L-1245 Senningerberg; Famille Ensch-Kill, L-7570 Mersch; Charles Weber-Hoffmann L-7420 Cruchten; Jean Olinger, L-1420 Luxembourg; Roger Engel, L-4418 Soleuvre; J. P. Reuter-Pavlovic, L-2158 Luxembourg; M. et Mme Roger Arrensdorff, L-2444 Luxembourg; Jacqueline Reuter-Zirves, L-3446 Dudelange; Nic. Hobscheid, L-1515 Luxembourg; Mme Rosalie Kohner-Kalmes, L-4750 Pétange; Amicale Rogasen-Wollstein, Luxembourg; Martin Thoma, L-9132 Schieren; François Scholtes, L-6314 Beaufort; Gritty Biwer, L-5573 Remich;; Marguerite Nilles-Zahles, L-6118 Junglinster; Marcel Eicher, L-3934 Mondercange; Mehling-Lickes, L-3643 Kayl; Henri Scholer-Binsfeld, L-8286 Kehlen; J. P. Koepfler-Apel, L-1243 Luxembourg; Robert Biwer, L-6440 Echternach; Jim Etgen, L-4875 Lamadelaine; Amelie Sitzen-Neises, L-1451 Luxembourg; Juliette Fischbach-Kessler, L-9133 Schieren; Gaston Moes, L-1713 Luxembourg; Elise Schaack, L-9425 Vianden, Aloyse Diederich-Hoffmann, L-5330 Mouffort; Recette communale Echternach, L-6460 Echternach; Alphonse Wenger, L-1268 Luxembourg; Jean-Pierre Wolff, L-1323 Luxembourg; Pierre Wagner-Freichel, L-9708 Clervaux; Roger Follmann-Kruft, L-6453 Echternach; Aloyse Weber-Staudt, L-7525 Mersch; Charles Frising, L-2432 Luxembourg; François Allamano, L-4304 Esch-Alzette; Roger Wallers, L-3217 Bettembourg; Gérad Frères, L-4940 Bascharage; Joseph Bos, L-5337 Mouffort, Mme Suzanne Wester-Klos, L-5971 Itzig, Jos. Frieseisen-Mossong, L-9806 Hosingen; Auguste Mertz-Rodesch, L-3378 Livange; Armand Theisen, L-3741 Rumelange; Roger Meyers, L-4929 Hautcharage; Jeanny et Louis Roth-Bley, L-4873 Lamadelaine, Guillaume Schmit-Muller, L-8077 Bertrange, Amicale Enrôles de Force Section Nord, L-8708 Clervaux; Recette communale Niederanven, L-6985 Hostert; Mady Schaffner, L-6434 Echternach; Paul Thill, L4930 Bascharage; Germaine Thill-Steichen, L-2634 Luxembourg; Roger Arrensdorf, L-2444 Luxembourg; Assoc. des Enrôlés de Force, Section Rodange-Lamadelaine; Nicolas New, L-1534 Luxembourg; Recette communale Eschweiler, L-6101 Junglinster; Jean Ries-Baustert, L-9265 Diekirch, Marcel Goniva, L-9256 Diekirch, Léon Franssens-Weber, L-2542 Luxembourg; Marguerite Hoffmann-Meisch, L-1363 Howald; Léon Wiltgen, L-1619 Luxembourg; Jean Gonderinger, L-7918 Buschdorf; Commune Junglinster, L-6114 Junglinster; Jean et Mme Schimberg-Berweiler, L-4499 Limpach; Enrôlés de Force, Bettembourg; M. et Mme Aloyse Schroeder-Ruffiné, L-4141 Esch/Alzette; Charlotte Braun-Beck, L-8013 Strassen; Jean Meyrath, L-9125 Schieren; Thomas Hoffmann, L-1456 Luxembourg; Catherine Fisch-Thelen, L-3397 Roeser; Recette communale Walferdange, L-7201 Walferdange; Raymond Strasser, L-1858 Luxembourg/Kirchberg; Recette communale de Wellenstein, L-5405 Bech-Kleinmacher; Jos. Wohner, L-6462 Echternach; Pierre Zacharias, L-6630 Wasserbillig; G. Spanier-Gudendorff, L-7315 Steinsel; Alph. Rodesch, L-3251 Bettembourg; Josette et Vicky Manternach, L-9154 Grosbous; Mme Marguerite Becker-Herber, L-5419 Ehnen.

## Aus eiser Agenda

**Mémorial de la Déportation op der Hollerecher Gare**

De Musée as op all Donneschdegnomëtteg vu 14.30 bis 17.30 Auer. Telephon 35 00 14. Entrée: fräi.

* * *

All Méndes owends um 18 Auer, no den Informatiounen an dem Manifestatiouns-kalenner op **RADIO DIDDELENG** 103,6 fm oder op der Gemeinschaftsantenn 100,3 éng Sendung iwert **Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich – Diddeléng a schwéirer Zäit.**

* * *

Zu Diddeléng as eng Dauerausstellung **«d'Enrôlés de Force vun 1940 bis haut.»** Fir de Public as se op all Donneschdeg muerges vun 9.15 bis 11.15 Auer. Sie kann awer och all Dag a Feierdag besicht gi vu Gruppen. Duerfir soll ee sech viirdrun umellen an zwar op engem vun den Telephonsnummeren: 511717/ 514389/ 5102 82.

**Freideg, 24 Januar 1997**
Generalversammlung vun der Sectioun Hesper

**Donneschdeg, 30. Januar 1997**
Um 18.30 Veillée um Kanounenhiwwel an der Stad. Mir gedenken den 91 Jongen déi zu Sonnenburg (haut Slonsk) massakréiert goufen.

**Donneschdeg, 24 Abrël 1997**
Um 11.15 Auer: Oktavmass von den Enrôlés de Force an der Kathedral

**Sonndeg, 4. Mee 1997**
Schlußprossessioun vun der Oktav.

**Meendeg, 23. Juni 1997**
Nationalfeierdag

**Sonndeg, 7. September 1997**
Journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force an der Stad.

**Sonndeg, 12. Oktober**
Journée de commémoration vun der Sectioun Jonglënster

**Sonndeg, 12. November 1997**
Journée an assemblée générale vun der Amicale des Anciens de Tambow.

**Stierwesdag, 26. Dezember 1997.**
Traditionnell Commémoratiounsfeier zu Diddeléng fir all gefaal, vermësst a no dem Krich verstuerwen Enrôlés de Force.

## Een Tour an d'Éisléck mat den Zwangsrekrutéierten

### Sektioun Lëtzebuerg

Den éischten Oktober war reservéiert fir eisen Dagesausfluch. E schéinen Dag mat engem wonnerbaren Programm an enger gudder Ambiance. Mir hun eis esou richteg wéi eng grouss Familje gefillt.

Muerges um halwer néng si mir zu Lëtzebuerg-Gare mat engem konfortable Bus vum Emile Frisch op Veianen gefuer. Um zéng Auer war den Emfank zu Stolzembuerg bei der S.E.O.. Fir d'éischt krute mir ee Film a Lëtzebuerger Sprooch iwwert d'Entwécklong an déi gewalteg Aarbechten bewisen, déi do an den 50-60er

Joëren geleescht gouwen. Duerno huet den Här Heck vun der S.E.O. ons ganz Installatiounen gewisen. Et war immens interressant a léierräich.

No engem gudden Iessen am Restaurant „Veianer Stuff" si mir géint 15 Auer mam Bus bei d'Schlass gefouert gin. Am Schlasshaff huet de Komerod René Molitor eis a kuerze Wierder iwwert d'historesch Geschicht vum Veianer Schlass ënnerriicht. Duerno hu mir de ganze Komplex besichtegt an konstatéiert, datt déi lescht Joëren vill Aarbecht do geleescht gouf.

Uschléissend si mir bei Trinitarierkiirch erof getréppelt, wou den Här Dechen ons déi néideg Explikatioune gin huet. Um 17 Auer 30 hu mir Veianen verlooss an eise Chauffeur huet ons gemittlech op de Mierscherbierg bruecht, wou ee gutt Nuechtiessen ons erwaart huet. An enger geselleger Athmosphär as d'Zäit séier verflunn. Kuurz virun 20 Auer hu mir ons op den Heemwee gemaacht.

Aus den Kommentären huet en eraushéieren, datt se alleguer séier zefridden waren. Mir hun ons d'Verspriechen gin, wa Gott wëllt, dat anert Joër erëm e flotten Tour ze organiséieren.

Et war e schéinen a komerodschaftlechen Dag dee mir a gudder Erënnerung behalen.

M.D.



**Peememünde**. De 7. Oktober 1942 sin 236 jonk Lëtzbuerger zu Hollerech a Waggoën agelued gin, Direktioun Peenemünde op der Insel Usedom, wou d'V1 an d'V2 fabrizéiert goufen. De leschte 7. Oktober hu mir an der Stad Lëtzebuerg eise jäerleche Konveniat ofgehalen. Hee gouf organiséiert vun de Komeroden Abbes Lucas a Vic Fischbach. Mir waren deen Dag nimméi zu vill; nëmmen 29 waren dobäi. Vill si gefal, si vermëst oder an der Zwëschenzäit gestuerwen. Aner si krank, gebrechlech a konnten nit bei äis sin. Mir sin alt frou, dat d'Fraen an d'Wittfraen vun de Komeroden eis Reien bëssen opfëllen. De Konveniat huet ugefangen mat enger Mass fir all eis Komeroden an der Glacis Kapell, wou e puur Deg virdrun domm Lömmelen eng Erënnerungsfënster un de leschte Krich futti geschlon hun, fir anzebreechen an d' Kelechen ze klauen. Den Här Paschtouer E. Reichling, och wi mir eng Victime du Nazisme, huet un déi schrecklech Zäit erënnert: **„D'Blesse si geheelt, mee d'Leinzesche si bliwen! Mir solle verzeien an hoffen, dat sou eppes ni méi sollt passéiren!**" Um Ducksal huet den Organist mat Urgel a Gesank der kirchlecher Feier déi adequate Rumm gin. Op den Trape vun der Kapell as dun nach d'Erënnerungsfoto geschoss gin. Mir sin dono zesummen op de Kirfecht bei d'Hintzerter Kräiz gangen, wou mer ënnert de Kläng vun der Sonnerie aux Morts Blummen deponéiert hun. Mir son hei dem Minister vun der Force publique an dem Chef vun der Militärmusik villmools merci fir den Trompettist dee geschéckt gi war. Dono sollt de Vin d'Honneur am Stadhaus kommen, mee verschidden Ëmstänn hun äis hei an der Stad Lëtzebuerg forcéiert vun der geplangter an traditioneller Rezeptioun afzegesin. Am bekannte Restaurant MORIS zu Walfer hu mir äis fir d'Mëttechiessen afonnt. Mir hun nach eng Kéier un déi geduecht, déi d'Iescht Jar vun äis gange sin, speziell awer un de Komerod Léon Aubart, deen 1967 eis **Amicale D'Jonge vu Peenemünde** gegrënnt huet.






Op d'Titelsäit vun eisem Bülletin hu mer dës Kéier de „Monument aux Morts" vun Houschent gesat. Do drop as ënne rieds eng Plaque ze gesin, déi der hei uewendriwwer vergréissert reproduzéiert gesitt, mat deene 25 Nimm vu Leit, déi am leschte Weltkrich onnëtzerweis hiert Liewe verluer hun. Et geschouch dat an enger Zäit, wéi déi vun déisäit eiser Grenzfléss Our, Sauer a Musel hiert Onwiesen bei äis am Land gedriwwen hun. Wann een dann och nach wees, datt an der Gemeng Houschent, mat senge Filialen Houschterdéckt, Nidderschlënder an Uewerschlënder, zu där Zäit nach nët emol 180 Leit gewunnt hun, stellt ee fest, datt de Verloscht u Mënscheliewen erschreckend héich war. Mat 13,88 % vu Verloschter u mënschlechem Liewen as d'Gemeng Houschent méi wéi secher déi Gemeng an eisem Land, déi deen héchste Bluttzoll bezuelt huet.

## Voeux de Nouvel An

***Vill Gléck am neie Joër an eng gutt Gesondheet***

M. et Mme Jos Weirich, Dudelange
M. et Mme Gaston Junck, Diekirch
M. et Mme Bernard Jacob, Fingig
Mme Josée Reeff, Oetrange
M. et Mme Jean Hames, Gonderange
M. et Mme Emile Olsem, Kayl
M. et Mme Jim Bolmer, Nospelt
M. Nic. Champagne, Esch/Alzette
M. et Mme Jos. Clees, Neidhausen
Mme Melanie Flammang, Luxembourg
M. et Mme Julien Coner, Hesperange
M. et Mme Jules Steffen, Kleinbettingen
M. et Mme Julien Reuter, Waldbredimus
Mme Steffen Marguerite, Esch/Alzette
M. et Mme Emile Gruber, Lintgen
M. et Mme Muller Jacques, Tétange

**Section Hosingen**

M. et Mme Baustert-Boever Jean, Holzthum
M. et Mme Baustert-Schaus Mathias, Hosingen
M. Baustert Nicolas, Wahlhausen
M. et Mme Baustert-Bourgmeyer Valentin, Wahlhausen
Mme Blasen-Manges Cécile, Munshausen
M. et Mme Brachmann-Bleser Michel, Marbourg
M. Brücks Joseph, Marnach
M. et Mme Clees-Hermes Joseph, Neidhausen
M. et Mme Clesen-Bauler Pierre, Rodershausen
M. et Mme Dohm-Atten Jean-Pierre, Hosingen
Mme Faber-Houschette Lucie, Hosingen
Mme Federspiel-Huppert Hélène, Marnach
M. et Mme Frieseisen-Mossong Joseph, Hosingen

Wester Michel, Itzig
Thill-Graas Ferdinand, Howald
Guelf Winandy Gerty, Howald
Hoffmann-Toussaint Yvonne Mme, Hesperange
Heuschling Joseph, Howald
Lentz-Zweber Ferdinand, Bertrange
Spedener Henri, Howald
Moes-Stein Jean-Pierre, Alzingen
Molling Albert, Hesperange
Freylinger André, Fentange
Hensgen Alice et Michel, Itzig
Louis Raymond, Howald
Back-Nanquette Nicolas, Howald
Mathes Camille et Mme, Contern
Moes-Ferring Gaston, Luxembourg
Linden André, Hesperange
Zahlen Evelyne Mme, Alzingen
Brauch-Hellers Raymond, Pontpierre
Haine-Wagner Anna Mme, Noertzange
Trausch Yvonne Mme, Alzingen
Kayser-Poeckes Marie Mme, Howald
Harsch Irma Mme, Itzig
Ludivig-Schloesser Anne Mme, Howald
Lamesch Catherine Mlle, Luxembourg
Conrardy Paul, Fentange
Schmitt-Ross Robert, Howald
Schmit Romain, Lux.-Beggen
Reding Ady, Luxembourg
Rausch-Spier Nicolas, Itzig
Ury-Welter Yvonne Mme, Hesperange
Rinnen Emile, Howald
Ketter-Frisch Carlo, Luxembourg
Heuertz-Baum Joseph, Medernach
Heuertz-Baum Joseph, Mme, Medernach
Schon Joseph, Itzig
Becker-Thilges Victor Mme, Hesperange
Kettel Jean-Pierre Mme, Alzingen
Veisse-Wirth Jean, Hesperange
Nesen Henri, Luxembourg
Reichling-Even Fernande Mme, Hesperange
Michaelis Charles-Frédéric, Hesperange
Nennig Joseph, Syren
Medinger-Toussaint Paul Mme, Alzingen
Conrardy-Millim Marie Mme, Luxembourg
Huberty Marcel, Howald
Greiveldinger Paul, Hesperange
Hauer Léon, Howald
Scholer-Schimberg Suzanne Mme, Fentange
Klingenberger-Gillen Jean Mme Hesperange
Jung Théodore, Alzingen
Goergen Armand, Hesperange

**Section: Wasserbillig**

M. et Mme R. Weirich-Fries, Wasserbillig
M. et Mme R. Kremer-Hoffmann, Wasserbillig
M. et Mme P. Bredimus-Hoffmann, Wasserbillig
M. et Mme E. Weber-Mangen, Wasserbillig
M. et Mme J. Wirtz-Delvaux, Wasserbillig
Mme Boehm-Heyder, Wasserbillig
M. et Mme Kalbusch-Mertens, Wasserbillig
M. P. Zacharias, Wasserbillig
M. Ernster-Mertens, Wasserbillig
M. Atten Léon, Wasserbillig
Mme Theisen-Achen , Wasserbillig
Mme Thiel-Mathieu, Wasserbillig
Mme Dahm-Suennen, Wasserbillig
M. et Mme P. Weinandy-Bechtold, Mertert
M. et Mme Rech-Weltert, Mertert
M. Metgen Jean, Mertert
Mme Folschett-Ueberecken, Mertert
M. P. Hansen-Schummer, Mertert
M. Graser Albert, Echternach
M. et Mme Reckinger Marcel, Wasserbillig
Mme Pütz-Beneké, Wasserbillig

**Section: Kayl-Tétange**

M. et Mme Beckius Léon, Kayl
M. et Mme Thoma-Schroeder Julien, Kayl
M. et Mme Hildgen-Thoma Jean, Kayl
M. Deiskes Hubert, Kayl
Mme Calmes-Ripp Lotty, Tétange
Mme Schmit-Seiwerath Lucie, Tétange
M. Scholler Emile, Tétange
M. et Mme Risch-Schmit Fernand, Tétange
M. et Mme Stumpf-Bock René, Tétange
M. et Mme Bouschet-Proust Lucien, Tétange
M. et Mme Mermotz-Laroche Charles, Tétange
M. et Mme Muller-Jopa Jacques, Tétange
M. et Mme Schon-Schutz François, Tétange
M. et Mme Wetz-Damit Charles, Tétange
M. Junkel-Laroche Jules, Tétange
M. et Mme Beringer-Ney Roger, Tétange
M. et Mme Petry-Steichen Willy, Kayl
M. et Mme Bouquet-Petry, Canach
M. et Mme Reger-Schoeder Joseph, Kayl
M. et Mme Moris-Mergen Albert, Kayl
M. et Mme Gaspers-Federspiel Paul, Kayl
M. et Mme Millim-Hippert J.-P., Kayl
Mme Stroh-Noel Roger, Kayl
Mme Jacobs-Mathias Albert, Kayl
Mme Einsweiler-Michels René, Kayl
Mme Hansen-Barthel Jean, Kayl
M. et Mme Bintner-Thielen Marcel, Kayl
M. et Mme Cresson-Dostert Jean, Tétange
M. et Mme Thomé Léon, Tétange
M. et Mme Mathias Jean-Pierre, Kayl
M. et Mme Elcheroth-Petesch Arthur, Kayl
M. et Mme Hoffmann Eugène, Ehlerange
M. et Mme Olsem Emile, Kayl